ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister, den Här Ekonomieminister an den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Vum 15. Januar bis den 11. Februar war zu Lëtzebuerg no de Modalitéite vum 3G de COVID-Check op der Aarbechtsplaz virgeschriwwen. Salariéeën a Beamten, déi dës Prozedur verweigert hunn, kruten iwwert den entspriechenden Zäitraum keng Paie ausbezuelt.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill privat Salariéeën op där enger Säit, souwéi Beamten an ëffentlech Employéeen a Salariéeën vum Staat an de Gemenge op där anerer Säit, vun där uewe beschriwwener Prozedur Gebrauch gemaach hunn?
2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Aarbechtsstonnen doduerch an der Privatwirtschaft sou wéi dem Staat an de Gemengen ausgefall sinn a wéi de cumuléierte Montant vun de Verdéngschtausfall fir déi dräi genannte Secteuren sech jeeweils presentéiert?
3) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Zuel vun de Krankeschäiner an de Joren 2010-2022, wärend der Zäit vum 15. Januar bis den 11. Februar an der Privatwirtschaft, beim Staat an de Gemenge presentéiert huet? Kann d'Regierung preziséieren wéi vill Aarbechtsstonn dëst pro Joer pro Secteur entsprach huet? Kann d'Regierung déi duerchschnëttlech Dauer vun de Krankeschäiner pro Joer a Secteur preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten